piraten.lu

N° 3979
Entrée le 23.04.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.04.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.**

De Service d'Aide Médicale Urgente (SAMU) soll laut neiem Référentiel beim CGDIS eng bedeitend strukturell Ännerung duerchmaachen. Déi zentral Neierung besteet doran, datt an Zukunft och Doktere mat der Spezialisatioun vum Urgentist bei Asätz matfuere kënnen, wat eng fundamental Ëmstrukturéierung vum aktuelle Fonctionnement bedeite géif.

Dës Ännerung huet awer Diskussiounen ëm Kompetenzen an ëm finanziell Ressourcen ausgeléist. Et stellt sech d'Fro, wéi dës nei Organisatioun konkret ëmgesat gëtt a wéi eng Käschten eventuell domat verbonne sinn?

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gesäit de neie Référentiel beim CGDIS am Detail aus a wéini soll dëser offiziell a Kraaft trieden?

2. Entstinn duerch de neie Référentiel an d'Integratioune vun den Urgentisten an de SAMU-Betrib Méikäschten a wa jo, wéi ginn dës finanzéiert?

3. Huet d'Regierung oder de CGDIS eng Evaluatioun oder eng Etude maache gelooss, déi d'Noutwennegkeet vun dëser Ännerung beleet, a wa jo, kann dës dem Parlament zur Verfügung gestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés